LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Culture

Luxembourg, le 17 NOV. 2020

Réf. : 835x0f6b1

REÇU
Par Alff Christian , 17:08, 17/11/2020

La Ministre de la Culture

à

Monsieur le Ministre aux Relations avec le Parlement

Objet : Réponse à la question parlementaire n° 3020 du 22 octobre 2020 de Monsieur le Député Fred Keup

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n° 3020 du 22 octobre 2020 de Monsieur le Député Fred Keup au sujet des croix de chemin, avec prière de bien vouloir la continuer à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Sam Tanson
Minsitre de la Culture

Annexe : réponse à la QP n° 3020

139-000050-20090730-FR

**Äntwert vun der Kulturministesch, Sam Tanson, op d'parlamentaresch Fro n° 3020 vum 22. Oktober 2020 vum honorablen Deputéierte Fred Keup**

Vu datt de wëssenschaftlechen Inventaire vum gebauten Ierwen hei am Land, zu deem och d'Weekräizer gehéieren, nach net ofgeschloss ass, ass och d' Zuel vun de Weekräizer nach net erfaasst. Dat geschitt awer elo systematesch, Gemeng fir Gemeng, am Kader vun dem Inventaire.

Am Moment sinn 8 Weekräizer national geschützt. 62 Weekräizer sinn an der Prozedur fir geschützt ze ginn.

An deene Gemengen, déi bis elo inventoriséiert gi sinn, erginn sech folgend Zuelen:

- Fiels: 11 Weekräizer inventoriséiert, Schutzprozedur fir 11 Kräizer amgaang
- Fëschbech: 50 Weekräizer inventoriséiert, Schutzprozedur fir 50 Kräizer amgaang
- Helperknapp: 43 Weekräizer inventoriséiert, 42 Kräizer si schützenswäert
- Miersch: 16 Weekräizer inventoriséiert, 15 Kräizer si schützenswäert

Fir Weekräizer gëllen, wa se solle geschützt ginn, déi nämmlecht Konditioune wéi fir aner Objeten vun eisem gebauten Ierwen. Se mussen authentesch iwwerliwwert sinn an op mannst ee vun de weidere Krittären erfëllen, déi elo am Artikel 23 vum Projet de loi 7473 opgelëscht sinn.

Mat de Weekräizer ass et wéi mat dem Rescht vum gebauten Ierwen. De Proprietär ass dofir zoustänneg, et ze erhalen an ze fleegen. Fir eng Restauratioun vun engem geschützte Weekräiz kënne Subside beim Kulturministère ugefrot ginn. D'Experte vum Service des sites et monuments nationaux (SSMN) kënnen dann och d'Proprietäre vu Weekräizer bei de Restauratiounsaarbechte begleeden.

Et ka virkommen, datt e Weekräiz beschiedegt oder esouguer zerstéiert gëtt, sief et duerch Vandalismus oder duerch Verkéiersaccidenter, vu datt déi Weekräizer dacks no bei der Strooss stinn. Mee de SSMN kritt ganz wéineg Fäll gemellt.

Am Fall wou e Stroosseverlaf geännert gëtt oder ee Weekräiz beschiedegt gouf, gëtt heiansdo eng Kopie gemaach an opgestallt. Den Original gëtt dann op enger anerer Plaz konservéiert. An der Kapell zu Weyer zum Beispill stinn eng 40 Weekräizer déi op hirer eigentlecher Plaz net konnte bleiwen an déi hei no hirer Restauratioun eng sécher Plaz fonnt hunn. En anert bekannte Beispill ass dat sougenanntent „Servaiskräiz", dat virun der Maison Servais zu Miersch stoung, an elo seng Plaz am MNHA fonnt huet. Och hei steet op der initialer Plaz haut eng Kopie.

Am Prinzip ass et awer d'Bestriewe vum SSMN, fir d'Weekräizer esou wäit wéi méiglech op hirer originaler Plaz z'erhalen.